N°2481
Entrée le 09.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2481 vum 18. Juni 2025 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

**1. Wéi bewäert d'Regierung d'Noriicht, dass Coinbase op Lëtzebuerg kënnt?**

D'Decisioun fir sech zu Lëtzebuerg néier ze loosse weist, dass Lëtzebuerg ee kompetitiivt Ëmfeld och fir méi innovativ Acteure bitt an dass déi proaktiv Approche vun der Regierung, zesumme mat Luxembourg for Finance, hir Friichten dréit.

**2. Wéi vill Firmen am Beräich vun de Kryptowärungen sinn aktuell zu Lëtzebuerg ugesidelt? Wéi vill dovunner si Filialen a wéi vill si Mammegesellschaften?**

13 Entitéiten hunn aktuell eng Zouloossung als Virtual Asset Service Provider (VASP) an 3 Entitéiten eng Zouloossung als Crypto Asset Service Provider (CASP) ënnert der neier MiCA-Reglementatioun. Vill vun deenen Entitéite si global opgestallt, woubäi se Lëtzebuerg als hiren EU-Hub ausgewielt hunn.

**3. Wat fir konkret Schrëtt ënnerhëlt d'Regierung, fir ze garantéieren, datt weider Firmen aus dem Beräich vu Kryptowährungen zu Lëtzebuerg lancéiert ginn?**

D'Regierung féiert hir Politik vun enger konsequenter Diversifizéierung vun der Finanzplaz weider. Mat och Fokus op Innovatioun an neien Technologien.

Kryptowärunge funktionéiere gemengerhand op Basis vun der sougenannte Blockchain-Technologie. Lëtzebuerg ass Virreider an deem Beräich an huet sech och den néidege gesetzleche Kader ginn – mat am Dezember 2024 engem 4. Blockchain-Gesetz.

Haut scho bidden eng Rei Acteure sougenannten Tokenisatiounsplattformen un oder emettéieren hir digital Obligatiounen ënner Lëtzebuerger Recht.

Kierzlech huet och eis Tresorerie hiren éischten digitale *Certificat de trésorerie* ënner Lëtzebuerger Recht op esou enger Plattform rausginn.

Weider war och eng Lëtzebuerger Bank och den éischten Emittent vun engem reguléierte MiCA-Stablecoin, dee vun enger Bank gedeckt ass.

An deen éischte komplett tokeniséierte Investmentfong (UCITS) zu Lëtzebuerg gouf Enn 2024 lancéiert.

Lëtzebuerg, den 9. Juli 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth